Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 14. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen de 5. November am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, sot d'Madamm Ëmweltminister ënner anerem dat hei: "*Neben dem Verbot für Verbrennungsmotoren ab 2035 werden derzeit eine Reihe von EU-Gesetzgebungen verschärft, darunter die sogenannte effort sharing regulation. Diese Regelung bestimmt die Zielsetzungen der einzelnen Mitgliedssaaten. Für Luxemburg bedeutet das eine Anheben der Reduzierungsanstrengungen von 40 auf 50 Prozent im Jahr 2030 im Vergleich zu 2005*". Weider verweist d'Madamm Ëmweltminister awer dorop, datt Lëtzebuerg sech duerch säi Klimagesetz vun 2020 schonn dozou verflicht hätt, dës Emissiounen souguer ëm 55 Prozent ze reduzéieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Ëmweltminister gär dës Fro stellen:

1) Kommen, am Vergläich zu eisen ablécklechen Engagementer, duerch déi zukünfteg "effort sharing regulation" eventuell nach weider Klima-Obligatiounen op Lëtzebuerg duer? Wa jo, wéi eng kéinten dat sinn a wat géing dat fir d'Bierger a fir de Staatsbudget bedeiten?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten